



Neit Liewen an der Aler Epicerie




Déi fréier Epicerie am Duerfkär soll eng nei Zukunft kréien. Mam **Projet „Al Epicerie“** verbënnt d’Gemeng d’Revalorisatioun vun enger zentraler Plaz mat der Schafung vu **bezielbarem Wunnraum**. Dobäi war eis besonnesch wichteg, datt dat neit Gebai sech architektonesch harmonesch an d’Duerfbild afüügt.

Am Projet si **sechs Studioe** virgesinn. Domat ergänzt déi „Al Epicerie“ déi aner kommunal Wunnungsprojeten: **39 Wunnengen** am Kader vum Projet „Um Wäschbuer“ a sechs Wunnengen an der Rue de la Montée. Et geet drëms, als Gemeng

selwer Verantwortung ze iwwerhuelen an dauerhaft eng **bezielbar Wunnengsoffer** ze schafen.

De Projet „Al Epicerie“ gëtt zesumme mam **Familljeministère** geplangt. D’Studioe sollen, esou wéi schonn d’Jugendhaus an d’Jugendwunnen, vun **Inter-Actions** bedriwwe ginn. Si si fir eleng liewend Fraen aus dem sougenannte **Working-Poor-Milieu** geduecht, also fir Fraen, déi an der Ausbildung sinn oder am Berufsliewe stinn, deenen hiert Akommes awer net duergeet, fir sech eng Wunneng um fräie Wunnengsmaart leeschten ze kënnen.



Eng lieweg Gemeng
fir jiddereen



Léif Leidelenger Biergerinnen a Bierger,

Wéi mir 2023 ugetruede sinn, hate mir e kloert Zil: **Leideleng net nëmmen ze verwalten, mee eis Gemeng aktiv ze gestalten.**

Vill Projeten, déi Dir haut gesitt, sinn d’Resultat vu jorelaanger Viraarbecht. Planungen, Geneemegungen an Ausschreibungen brauchen Zäit. Entscheedend ass, datt et virugeet: D’**„Faarwekëscht Phase II“** mam neie Schoulhaff ass fäerdeg, de **Recycling-park** ass op, d’**Bëschhal** ass realiséiert an d’Aarbechten am **Kultur- a Veräinsbau „An der Eech“**, am Duerfzentrum an an der Rue de la Montée lafen. Gläichzäiteg schafe mir **bezielbare Wunnraum**, nei Servicer an attraktiv Plaze fir all Generatiounen.

Eng Gemeng leeft awer virun allem duerch d’Mënschen, déi sech begéinen, engagéieren an noenee kucken. Dofir hu mir d’**Offer fir Senioren**, d’**interkulturellt Zesummeliewen** an d’**Chancegläichheet** verstärkt. Vill verschidden Aktivitéite bréngen d’Leit zesummen a maachen aus engem Wunnuert eng Gemeinschaft.

An dëser Newsletter weise mir, wat ëmgesat, decidéiert oder op de Wee bruecht gouf. Net alles ass ofgeschloss, mee d’Richtung ass kloer: e **liewegen Duerfkär**, **modern an nohalteg Infrastrukturen** an eng **Gemeng, an där jidderee seng Plaz huet.**

Mir wëllen dës Wee **am Dialog mat Iech** weidergoen.

Lou Linster
Buergermeeschter

Shared Space an “Um Wäschbuer”
– Den Duerfkär kritt en neit Häerz



De **Reamenagement vum Zentrum** ass ee vun de gréissten a wichtigste Projeten an der Geschicht vun eiser Gemeng. Mam **Shared Space** wëlle mir **de Verkéier berouegen**, de Foussgängerinnen a Foussgänger méi Raum ginn an de Kär vu Leideleng nees zu enger Plaz maachen, wou ee sech gäre begéint an ophält.

De Projet geet wäit iwwer en neie Stroossebelag eraus. D’Rue du Lavoir, d’Place du Lavoir, Deeler vun der Rue Eich an d’Place des Martyrs ginn als zesummenhängenden öffentliche Raum nei geduecht. **Gréngflächen**, **Waasserspill**, **Fitness-Park**, eng renaturéiert Drosbech, eng sécher **Verbindung fir de Vélo** an zu Fouss an eng flexibel notzbar Plaz fir d’**Kiermes** an **aner Manifestatiounen** sollen dem Zentrum neit Liewe ginn. Gläichzäiteg gëtt déi bestoend Energiezentral vun der Gemeng op **Geothermie** ëmgerëscht – eng wichteg Investitioun an de **Klimaschutz**.

Den zentrale Bausteen vum Shared Space ass dat neit Gebai „Um Wäschbuer“ mat sengen **39 bezielbare Wunnengen**, engem **Restaurant**,

enger **Apdik**, engem **klengen Supermarché** an engem **Centre médical**. Domat en **neie** genee déi Mëschung, déi mir am Walprogramm ugekënnegt haten: Wunnen, lokal Versuergung, **Gesondheet**, Gastronomie an **öffentlech** Liewen op enger Plaz. Dëst **Gebai** wäert komplett iwwer Geothermie gehëtzt ginn. **Am Hierscht fänkt de Chantier un.**

Dësse Projet ass eng grouss finanziell an organisatoresch Erausforderung. De geschate Gesamtmontant läit bei ronn **46,9 Milliounen Euro** ; duerch staatlech Subventiounen wäerten d’Käschte fir d’Gemeng allerdéngs däitlech reduzéiert ginn. D’Zil bleift kloer: bis **Enn 2028** en attraktiven, liewegen an zukunftsfaegen Zentrum ze schafen.



Senioren am Mëttelpunkt – Gutt liewen an aktiv bleiwen

Eng Gemeng, an där ee gutt al ka ginn, brauch méi wéi eenzel Manifestatiounen. Si brauch eng Offer, déi **Mobilitéit, Sécherheet, sozial Kontakter an aktiv Matbestëmmung** matenee verbënnt. **Zënter 2023** huet d'Gemeng dës Beräicher Schrëtt fir Schrëtt ausgebaut.

Mam **Club Aktiv+** „deForum“ steet de Leidelenger Senioren e villfältge Programm mat Aktivitéiten, Coursen, Ausflüch a Berodung zur Verfügung. Och zu Leideleng selwer gëtt reegelméisseg Geleeënheete fir Bewegung, Engagemeng an Austausch ginn: **Mountainbiketouren, Trëppeltier, Kaffee-Visitten** an Ausflüch, **Petanquesmëtteger** an intergenerationell Aktivitéite wéi de Petanque-Turnéier tëscht Jugendlechen a Senioren. Mam „**Leidelenger Mëttesdësch**“ ass ausserdem en neien, gesellege Rendez-vous am Duerf entstanen.

Fir datt d'Leit méiglechst laang selbstbestëmmt doheem kënnen bleiwen, goufen och déi praktesch Hëllefën ausgebaut. Nieft klengen Handwierksaarbechten kann een och elo Gaardenaarbechten iwwert ProActiv maache loosse, dat fir **17 €/Stonn**. De **Ruffbus** verbessert d'Mobilitéit ouni eegenen Auto. Zënter 2025 iwerhëlt d'Gemeng d'Installatiounskäschte vun de verschiddenen **Telealarm-Produiten** integral.

Gläichzäiteg wëlle mir net iwwer, mee **mat de Seniore plangen**. Mat enger **breeder Ëmfro** zu hire Besoinen an Erwaardunge freet d'Gemeng **gezielt** no Erfarunge mam Ruffbus, der Schwemm, demessen op Rieder an dem Sécherheetsgefill. D'Äntwerte sollen hëllefën, déi **bestoend Services ze verbesseren** an nei Prioritéiten do ze setzen, wou se am Alldag wirkleech gebraucht ginn.

De Leidelenger Ruffbus – mobil sinn och ouni eegenen Auto



De **Ruffbus** war eng laangjäreg Fuerderung vun Zesumme fir Leideleng. Den **2. Oktober 2023** ass de kommunale Service endlech gestart. Hie riicht sech u Leit, déi net oder net ëmmer op en eegenen Auto zeréckgräife kënnen oder wëllen an ass **komplementar zum regulären ëffentlechen Transport**.

D'Leidelenger Awunnerinnen an Awunner kënnen den **elektresche Ruffbus** vu méindes bis freides notzen a säit Abrëll ass en och gratis. Kanner ab zwielef Joer kënnen ënnert der Verantwortung vun hiren Elteren dovun profitéieren. Ugefuer ginn Adressen an der Gemeng an ausgewielten Ziler an der Emgéigend – dorënner Akafsméiglechkeeten, Spideeler, de Rehaazenter, d'Schwemm, Sportsofferen an de Club Aktiv+ „deForum“ zu Beetebuerg. Mat ronn **120 Faarte pro Mount** huet de Service eng reegelméisseg Notzung fonnt.

Dei nei Bëschhal – eng modern Basis fir eis Bëscher



Eng nohaltig Bewirtschaftung vun eise Bëscher brauch net nëmmen Know-how an engagéiert Mataarbechter, mee och déi richteg Infrastruktur. Mat der **neier Bëschhal** huet Leideleng, zesumme mat de Partnergemengen **Dippech a Reckeng op der Mess**, eng modern Hal fir eis Bëschaarbechter geschaf, dat op der Plaz vum **fréiere Containerpark**. Dat war ëmsou méi wichteg, well d'Bëschaarbechter bis ewell an den Ateliereen op der Place du Lavoir ënnerbruecht waren, déi Plaz hu misste maachen fir de Bau vum Gebai „Um Wäschbuer“.

D'Gebai bitt Plaz fir Gefierer, Maschinnen, Material a funktionell Raim fir d'Bëschaarbechter. Domat ginn d'**Aarbechtsbedéngunge verbessert**, d'Material ka fachgerecht gelagert ginn. D'Käschte fir de Betrib an d'Gefierer ginn **tëscht de bedeelegte Gemengen opgedeelt** – eng méi gerecht a wirtschaftlech Léisung wéi déi fréier Situatioun, an där Leideleng de Gros vun de Käschten eleng gedroen huet. D'Bëschhal ass **awer** virun allem en **Investissement an d'Zukunft** vun eise Bëscher.

Iwwerdaach fir d'Petanque-Pist – méi Schiet, méi Confort



D'Petanque-Pist ass e **belëiften Treffpunkt** fir Sport a Gemeinschaft. Mat der **neier Iwwerdaachung** gëtt d'Anlag méi komfortabel a ka bei Sonn oder lichteem Reen méi flexibel genotzt ginn.

Esou entsti besser Konditiounen fir den **Training, frëndschafleech Partien an Turnéier**. De Projet entsprécht engem **konkrete Besoin aus dem Veräinsliwen** a wäert d'Petanque-Pist weider opwäerten.

Brasserie, Musekssall a Veräinskichen – Vill Neierungen an der Eech



De **Kultur- a Veräinsbau „An der Eech“** ass eng zentral Plaz fir eist Duerfliewen. Mam aktuellen Embau gëtt d'Gebai funktionell, technesch an atmosphäresch opgewäert. D'Zil ass, datt **Gastronomie, Kultur a Veräinsliw** sech géigesäiteg stäerken.

D'Brasserie kritt en **neit, modernt Konzept** an eng nei Identitéit. Déi nei Haaptentrée läit bei der Zougangsrampe, wärend déi bestoend Entrée weider notzbar bleift. D'Kichen gëtt vum Keller op de Rez-de-Chaussée verluecht an eng Ouverture tëscht der **neier Kichen** an der Brasserie mécht de gastronomesche Betrib méi transparent a lieweg. Och d'Terrass gouf am Zesummespill mam Shared Space

nei amenagéiert. **Am November** wäert déi nei **Brasserie Eech** hir Dieren opmaachen an hoffentlech zu engem belëiften Treffpunkt am Häerz vu Leideleng ginn.

Gläichzäiteg gëtt de **Musekssall vergréissert**. Dat ass eng direkt Äntwert op d'Entwécklung vun der Leidelenger Musek, där hire Proufsall scho laang ze kleng war. Déi **staark Jugendaarbecht** an déi wuessend Zuel u Musekerinnen a Museker verdéngen adequat Raimleechkeeten.

Och d'Veräiner ginn net vergiess: **Am Festsall entsteht eng Kichen**, déi fir hir Manifestatiounen notzbar ass, mat de passenden Ofstell-, Kill- a **Spill-Beräicher**.

Gläich Rechter. Gläich Chancen.

Chancëgläichheet ass fir eis keng Niewesaach. Mir wëllen, datt all Mënsch zu Leideleng respektéiert gëtt, sech sécher fillt an **déi selwecht Méiglechkeeten** huet – onofhängeg vum Geschlecht, der sexueller Orientéierung, der Hierkonft, dem Alter oder enger Behënnerung.

D'**Konventioun MEGA Plus** mam Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit gëtt deser Aarbecht e feste Kader. Leideleng gouf dës Joer **fir d'zweet** mam **Präis fir déi bescht kommunal Praxis** am Beräich vun der Chancëgläichheet ausgezeechent – eng national Unerkennung fir den Asaz vun eiser Gemeng.


De **kommunalen Aktionsplang** fir Chancëgläichheet orientéiert sech un den 39 Artikelen vun der Europäescher Charta fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer op lokalem Niveau, déi Leideleng 2024 ënnerschrifwen huet.

De Plang ëmfasst **141 konkret Mesuren**, fir déi Zoustänngekeeten, Prioritéiten an, wa méiglech, en Zäitplang festgeluecht goufen. Verschidden Aktiounen gi reegelméisseg widderholl, fir dauerhaft ze wirken.

Dësen Engagement gëtt duerch vill Initiativen a **reegelméisseg Konferenzen** siichtbar, déi informéieren, sensibiliséieren an den oppenen Austausch iwwer gesellschaftlech **Themen** an d'Chancëgläichheet féieren. Dobäi kommen de megaLab fir Jonker, de Fraen- a Weltmännerdag, d'Promotioun vum Fraesport, d'**Orange Week** géint Gewalt u Fraen a Filmowender iwwer Diversitéit an Toleranz. Mat „**Les rues au féminin**“ gi Fraen och am ëffentlechen Raum méi siichtbar. 2026 gouf déi éischt Leidelenger Strooss agewei, déi no enger Fra benannt ass: d'**Rue Hélène Entenich-Wivenes**.

Dës Aarbecht féiere mir konsequent weider.

Neien Internetsite, nei App an Hoplr



Eng modern Gemeng muss séier, verständlech an iwwer déi richteg Kanäl kommunizéieren. An eise Walprogramm hate mir dofir en **neien, méi iwwersichtlechen Internetsite** an eng **kommunal App** ugeknéngt. **Béid Projekte** sinn an der Tëschenzäit ëmgesat ginn.

Um neien Internetsite sinn déi wichtegst Informatiounen méi séier ze fannen – vu Formularen, Reglementer a Gemengeservicer bis bei d'Decisiounen vum Gemengerot. Eng kloer Struktur an eng konsequent Aktualiséierung maachen d'Informatiounen méi einfach zougängelech. Geschwënn kënnst nach en **AI-Chatbot** dobäi: D'Biergerinnen an d'Bierger kënnen him hir Froen zur Gemeng stellen a kréien **direkt eng passend Äntwert** op Basis vun den Informatiounen um Internetsite.

Déi nei Gemengen-App bréngt Avisen, Evenementer, Noriichten a praktesch Informatiounen direkt op de Smartphone. Bei wichtege Meldunge kann d'Gemeng d'Awunnerinnen an d'Awunner iwwer **Push-Noriichten** erreechen. Mam „**Report-it**“-**Button** kënnen ausserdem Problemer am ëffentlechen Raum – zum Beispill eng futtis Laucht oder e Schued um Trottoir – séier an einfach gemellt ginn.

Als Ergänzung gouf d'**Noperschaftsplatform Hoplr** agefuert. Hei kënnen d'Leit Informatiounen austauschen, **Hëllef ubidden** oder **ufroen**, Saache léien a **lokal Initiativen** an d'Liewe ruffen. Mir freeën eis, datt dës nei Plattform esou gutt ugehall an aktiv genotzt gëtt.



Am Gemeinschaftsgaart zesummeplanzen, léieren a genéissen



D'Iddi vun engem Gemeinschaftsgaart hat Zesumme fir Leideleng scho viru Joren an d'politesch Diskussioun bruecht. Am **Walprogramm 2023** hu mir versprach, interesséierte Biergerinnen a Bierger en Terrain zur Verfügung ze stellen, deen zesumme gefleegt gëtt. **2025** konnt den neie **Gemeinschaftsgaart offiziell agewei** ginn.

De Gaart ass vill méi wéi eng Rei Beeter. Hei treffen sech Mënsche mat ënnerschiedlechtem Alter an Hannergrond, tausche Wëssen aus a schaffen un engem **gemeinsame Projekt**. **Ekologesche Jardinage, Kompostéieren** an en ëmweltschounenden Ëmgang mat Waasser kënnen an der Praxis erlieft ginn.

De Gemeinschaftsgaart verbënnt domat dräi Ziler: Hie féiert d'Noperschaft, vermittelt Wëssen iwwer nohaltig Uplanzen a schafft e klengen Liewensraum fir Planzen an Déieren.

Interkulturellt Zesummeliewe gëtt gemaacht

Zu Leideleng wunne Mënsche mat ville verschiddene Sproochen, Nationalitéiten a Liewensgeschichten. Dës **Diversitéit ass eng Stärkt** – wa mir Méiglechkeete schafen, fir datt d'Leit sech kennelëieren, austauschen an **aktiv um Gemengeliweng deelhuelen**.

Dofir hu mir d'Offer un interkulturellen Evenementer konsequent ausgebaut. Schonn déi éischt Editioun vun der **Ouschtereërsich** fir d'Kanner war e grouss Succès. D'**Marche gourmande** bréngt d'Awunnerinnen an d'Awunner an enger geselleger Atmosphär zesummen. Beim **Welcome Day** kënnen nei an al Leidelengerinnen a Leidelenger d'Veräiner, d'Gemengeservicer an d'Méiglechkeete fir sech ze engagéieren, besser kennelëieren. Déi nei

Welcome-Broschür ergänzt dës Initiativ a gëtt besonnesch neien Awunnerinnen an Awunner e kompakten Iwwerbléck iwwer d'Gemeng, hir Servicer an dat lokalt Liewen. D'**Kachatelieren** verbannen ausserdem kulinaresch Entdeckunge mat direkten, perséinlechen Gespréicher tëscht de Kulturen.

Biergerateliere wéi deen zum Thema Sproochen erlaben et, d'Bedierfnesser an d'Iddie vun der Bevëlkerung an déi kommunal Politik anzebannen. De **Pakt vum interkulturellen Zesummeliewe** gëtt dësen Aktivitéiten e kohärente Kader. Et geet net ëm eenzel symbolesch Aktiounen, mee ëm eng dauerhaft Politik vun der Participatioun an dem **sozialen Zesummenhalt**.



Realisatiounen am Naturpakt – Méi Plaz fir Natur a Biodiversitéit

De **Naturpakt** ass fir eis keen Zertifikat fir un d'Mauer, mee en **Aarbechtsprogramm**. Zënter dem Bättrëtt vun der Gemeng gi Mesürene entwéckelt, déi d'**Biodiversitéit konkret schützen** an d'Natur an der Uertschaft souwéi an der oppener Landschaft opwäerten.

An Zesummenaarbecht mam **SICONA** goufe **Wëllblummewiesen** an naturno Gréngflächen ugeluecht, nei Weieren a Liewensräim geplangt an den Ënnerhalt vun de kommunale Flächen un d'Besoinen vu Planzen an Déieren ugepasst. **Wëllbeienhoteller, Sandarien** an aner kleng Strukturen ueschter d'Gemeng maachen d'Biodiversitéit siichtbar an erlieftbar.

Och bei neie Bauprojekten gëtt d'Natur méi konsequent matgeduecht. **Checklëscht fir naturno Quartieren, manner Versiegung a méi Gréngs** sinn Instrumenter, mat deenen d'Gemeng eng laangfristeg Wirkung erreeche kann.





Reamenagement vun der Rue de la Montée a Bau vu bezuelbarem Wunnraum

De Reamenagement vun der Rue de la Montée war e **kloert Versprechen aus eise Walprogramm**. Sait **Enn 2025** ass dës Chantier amgaangen. Am Virfeld goufen et **dräi Reunione** wou d'Awunnerinnen an **Awunner** hir Wësch a Besoinen ausdrécke konnten, déi dann an de Projet mat agefloss sinn.

Nieft dem Stroosseraum ginn d'**Kanalisationen an d'Reseae moderniséiert**. D'Gestaltung soll d'**Sécherheet verbessern**, d'**Vitess reduzéieren** an de Bedierfnesser vun de Foussgängerinnen a Foussgänger besser Rechnung droen. Och an der Rue du Cimetière, der Rue de Luxembourg an an der Aler Strooss gi während dësem Chantier Verkéiersberouegungsmesuren ëmgesat.

Zesumme mat dësem Stroossebauprojet geet och de kommunale Wunnengsbau virun. Op den Terrainen **17 bis 21, Rue de la Montée**, **si sechs bezuelbar Wunnenge** virgesinn, déi d'Gemeng verloune wäert.

2028 wäerte **béid Chantiere fäerdeg sinn**. Dës **Projet** weist, wéi mir **Infrastruktur-, Mobilitéits- a Wunnengspolitik zesummen denken**: eng modern **Strooss**, **erneiert Reseauen**, méi **Sécherheet** an **nei bezuelbar Wunnengen**.

Méi Méiglechkeete fir d'Recycléieren – neie Recyclingpark an Usschloss un de STEP



Am Walprogramm hate mir versprach, zu Leideleng eng **nei lokal Recycling-Antenn** ze schafen an eis Gemeng gläichzäiteg un e **grousse Recyclingzenter** unzeschléissen. **Béid Deeler** vun dësem **Versprache** sinn ëmgesat.

De neie lokale Recyclingpark an der Aktivitéitszon „Am Bann“ ass **2025 opgaangen**. D'Leidelenger Stéit kréien iwwer e **Kaartsystem Accès**. D'Anlag ass esou amenagéiert, datt d'Container mam Privatauto gutt erreechbar sinn. Hei kënnen Gréngschnëtt, Glas a Pabeier respektiv Kartong no a sécher entsuergt ginn.

Well eng lokal Antenn ni déi ganz Offer vun engem grouse Recyclingzenter kann ofdecken, ass Leideleng zousätzlech dem interkommunale **Syndikat STEP** bäigetrueden. De STEP-Recyclingpark zu Beetebuerg ass vu Leideleng aus a **ronn zéng bis fofzëg Minutte** mam Auto **erreechbar**. **Iwwer 70 verschidden Offallarten** kann een do ofginn. Pabeier, Glas, Metaller, Elektroapparater, Holz, Ueleg, Textilien, Batterien a vill aner Materialien kënnen do fachgerecht ofgi ginn. D'Notzung ass iwwert d'Offalltax finanzéiert.

Merci Nathalie! – en Äddi aus dem Gemengerot



Am leschte Gemengerot huet d'**Nathalie Entringer** säi Mandat als Gemengeconseillère néiergeluecht, well hatt Leideleng verlooss an an eng aner Gemeng geplënnert ass. Dës perséinlech Decisioun bedeit fir eis Equipe den Abschied vun enger **engagéierter, kompetenter a kollegialer Matstreiderin**.

D'Nathalie huet sech mat vill Sachkenntnis a Konsequenz an d'Gemengepolitik abruecht. E besonnesche Schwéierpunkt vu senger Aarbecht war den **Naturpakt**. Hei huet hatt sech fir **konkret** Mesuren am Dëngscht vun der **Biodiversitéit**, fir eng méi naturno Gestaltung vun den ëffentleche Flächen a fir eng konsequent Ëmsetzung vun dësen Ziler agesat.

2025 huet d'Nathalie fir **zwee Méint Verantwortung als Schëffin** iwwerholl. Och an där kuerzer Zäit huet hatt gewisen, mat wéi vill **Engagement, Präzisioun a Rou** hatt Dossiere féiert. Säin Asaz war ëmmer vum Wonsch gedroen, praktesch a gutt Léisunge fir d'Leidelenger Biergerinnen a Bierger ze fannen.

Léift Nathalie, mir soen dir e ganz **härzleche Merci** fir **deng Aarbecht, deng Loyalitéit an deng Energie**. Mir bedauern däin Depart, mee mir wënschen dir an denger Famill alles Guddes fir deen neie Liewensofschnëtt.

Är Verrieder am Leidelenger Gemengerot



Lou Linster
Buergermeeschter



Vanessa Baldassarri
ép. Demoling 1. Schëffin



Patrick Calmus
Schëffen



Jean-Pierre Roemen
Gemengeconseiller



Philippe Wilmes
Gemengeconseiller




Sandrine Pompidou
Gemengeconseillère



Marcel Jakobs
Gemengeconseiller



Denise Copette ép. Conrardy
Gemengeconseiller



Zesumme fir Leideleng
www.zesummefirleideleng.lu

